

**6. 7318 - Projet de loi**

1) transposant la directive (UE) 2016/1164 du Conseil du 12 juillet 2016 établissant des règles pour lutter contre les pratiques d'évasion fiscale qui ont une incidence directe sur le fonctionnement du marché intérieur ;

2) modifiant la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu ;

3) modifiant la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial (« Gewerbesteuer-gesetz ») ;

4) modifiant la loi d'adaptation fiscale modifiée du 16 octobre 1934 (« Steueranpassungsgesetz ») ;

5) modifiant la loi générale des impôts modifiée du 22 mai 1931 (« Abgabenordnung »)

Eisen éischte Projet de loi vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 7318, d'Ëmsetzung vun enger EU-Direktiv géint d'Steuervermeidung. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Mosar, den Här Fayot, den Här Kox an den Här Wagner. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här André Bauler. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kollegeen, duerch dës Gesetzesprojekt setze mer haut d'Direktiv 2016/1164 vum 12. Juli 2016 an nationaalt Recht ëm. D'Zil vun der ATAD, also der Anti-Tax Avoidance Directive, ass et, wéi den Numm et seet, d'Steierflucht an déi aggressiv Steuerpraktike vun Entrepreneuren ze bekämpfen, déi probéieren, fir hir steuerlech Belaaschtung kënschtlech erfodzedrécken.

Dës Praktiken hunn eng direkt Inzidenz op eis Statsfinanzen, mä awer och op de Fonctionnement vun europäesche Bannemaart. Et geet also drëm, fir eng koordinéiert Approche beim Bekämpfe vun der Steuerflucht ze garantéieren, well dës Approche bitt d'Chance, fir d'Transparenz vun der Besteuerung vun de Sociétés zu erhéien a grenzüberschreitend Aktivitäten zu erlichteren.

Et geet leschten Enns ëm eng méi gerecht europäesch Steuerlandschaft. A bei der Ëmsetzung vun dëser Direktiv an nationaalt Recht geet et och drëm, fir e Gläichgewicht ze fannen tëscht engersäits der Attraktivitéit beziungsweis der Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz an anersäits den Exigence vun der Transparenz an der Equitéit.

Den Ursprung vun der ATAD-Direktiv fënnt een zum groussen Deel an de Schlussrapporten iwwert déi 15 Aktiounen vun der OCDE, also der Organisation fir Kooperatioun a wirtschaftlech Entwécklung, géint d'Erosioun vun der Besteuerungsbasis an de Gewinntransferen, déi de 5. Oktober 2015 verëffentlecht goufen.

Et handelt sech ëm de sougenannten „BEPS-Bericht“. BEPS steet jo bekanntlech fir Base Erosion and Profit Shifting, also fir d'Reduzierung vun der steuerlecher Basis oder Assiette souwéi d'Verschibe vu Gewënner iwwert d'Grenzen ewech duerch multinational Konzerne.

A senger Schlussfolgerung vum 8. Dezember 2015 huet de Conseil européen d'Noutwendegkeet ënnerstrach, fir gemeinsam Léisungen um Niveau vun der Europäescher Unioun ze fannen. Dës Léisunge solle konform si mat de Schlussfolgerungen vun der OCDE zum Thema BEPS.

D'Direktiv gesäit dowéinst vir, a spezifesch Beräicher eng gemeinsam a minimal Protektioun anzeféieren, déi et erlaabt, dass déi national Besteuerungssystemer besser géint Steuerflucht geschützt sinn. Gläichzäiteg sollen d'Aktiounen vun den EU-Memberstaaten besser openeen ofgestëmmt an d'Koordinatioun tëscht den zoustännegen nationalen Autoritéiten verëffentlicht ginn.

D'Regelen, déi dës europäesch Richtlinn opstellt, applizéiere sech op all Steuerflücht, déi der Betriebsbesteuerung an engem Memberstaat ënnerworfen sinn. D'Regele gëllen natierlech och fir all déi Etablissements stables, déi an engem oder méi Memberstaaten ugesidelt sinn an déi zu Entitéiten gehéieren, déi hir Steuerresidenz an engem Drëttstat hunn.

D'Moossname vun der Richtlinn betreffe fënnef Beräicher, déi ech am Folgende kuerz ëmräisse wäert. Fir den Detail verweisen ech awer do op mäi schrëftleche Rapport.

Déi éischt Moossnam ass d'Begrenzung vun der Méiglechkeet, fir Zënse ofzesetzen, déi sougenannt „Zinsschranke“, wéi déi Däitsch dat nennen. Dës Mesure soll verhënneren, dass Entrepreneuren iwwerdriwwen Zënse op Scholde bezuelen, sief et vis-à-vis vu friemen Akteuren oder innerhalb vun engem Grupp, an iwwert dës Wee d'Steierlaascht drécken.

Wéi d'Direktiv et virgesäit, féiert de Gesetzesprojekt dowéinst e Ratio an, deem e maximale Montant festleet, deem ofgesat ka ginn. Dës Ratio gëtt op Basis vun dem besteierbaren Akommes, also de Revenus imposables - Zënse, Steieren, Entwäertung an Amortissementer matabegraff -, berechent. Gläichzäiteg ass awer och e sougenannten „safe harbor“ vun dräi Milliounen Euro virgesinn. Dat heescht, all Entreprise kann, onofhängeg vum Ratio, dës Zomm ofsetzen, och wann de Ratio sollt drënnerleien.

D'Regel vun der sougenannter „Zinsschranke“ gëtt awer net op all Emprunt oder op all Entitéit applizéiert. Autonom Entitéiten oder déi Präten, déi gemaach gi mam Zweck, fir öffentliche Infrastrukturprojete laangfristeg ze finanzéieren, sinn zum Beispill net dovunner beträff.

D'Direktiv gesäit och d'Méiglechkeet fir d'Memberstaaten vir, dass dee Ratio bei Entrepreneuren, déi Deel vun engem Grupp sinn an ënnert de Regim vum der Intégration fiscale falen, um Niveau vun de Revenues vum Grupp berechent gëtt.

Ech wëll drop hiweisen, dass an dësem Gesetzesprojekt net vun där Optioun Gebrauch gemaach gëtt. Well awer eng gewëssen Demande dofir do ass a feststellen ass, dass vill aner europäesch Länner dës Méiglechkeet agefouert hunn, wier et am Interessi vun der Attraktivitéit oder der Kompetitivitéit vun eisem Land sënnvoll, op deesewechte Wee ze goen an no-dréiglech eng deemtsprechend Dispositioun anzeféieren.

Mir hunn eis dann och doriwwer an der Finanzkommissioun ënnerhalen. D'Finanzkommissioun huet aus deem Grond eng Motioun ausgeschafft, an där se d'Regierung opfuert, fir genee dat ze maachen, mat Effet rétroactif op den 1. Januar 2019.

Här President, ech deposéieren dann elo dës Motioun. Si gëtt vu verschiddene Kollegeen aus verschiddene Fraktiounen gedroen. Anerer kënnen sech awer gären an deem Kontext uschléissen.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- considérant qu'il est primordial que le projet de loi n° 7318 transposant la directive (UE) 2016/1164 établissant des règles pour lutter contre les pratiques d'évasion fiscale qui ont une incidence directe sur le fonctionnement du marché intérieur puisse être adopté dans les meilleurs délais et entrer en vigueur au 1^{er} janvier 2019 afin de respecter le délai de transposition de la directive (UE) 2016/1164,

- considérant qu'en ce qui concerne la règle de limitation de déductibilité des intérêts, le projet de loi n° 7318, dans un souci notamment de compétitivité du Luxembourg, retient la plupart des options prévues par la directive lesquelles permettent d'exclure certaines entités du champ d'application de cette règle,

- notant que l'option offerte aux États membres permettant de calculer les surcoûts d'emprunt et l'EBITDA au niveau d'un groupe, à savoir en droit luxembourgeois, d'un groupe sous régime d'intégration fiscale au sens de l'article 164bis L.I.R., n'a pas été retenue par le projet de loi n° 7318,

- considérant toutefois qu'il apparaît à présent que de nombreux États membres de l'Union européenne ont retenu cette option dans le cadre de la transposition de la directive (UE) 2016/1164, et qu'il en résulterait une situation concurrentielle plus défavorable pour les sociétés luxembourgeoises se trouvant en intégration fiscale par rapport aux groupes de sociétés établis dans ces autres États membres pour le cas où le Luxembourg ne devrait finalement pas exercer cette option,

- concluant, dès lors, qu'il importe que cette option soit disponible dès l'année d'imposition 2019,

- considérant, par ailleurs, que les activités de titrisation figurent parmi les branches importantes de la place financière,

invite le Gouvernement

- à présenter dans les meilleurs délais, au cours du premier semestre 2019, un projet de loi pour reprendre, avec effet au 1^{er} janvier 2019, l'option prévue à l'article 4 (1) (a) de la directive (UE) 2016/1164 permettant aux États membres de considérer comme contribuable aux fins d'application de la règle de limitation de déductibilité des intérêts « une entité ayant la possibilité ou l'obligation d'appliquer les règles pour le compte

d'un groupe, tel qu'il est défini en droit fiscal national »,

- à proposer dans le cadre du même projet de loi des ajustements au régime d'intégration fiscale de l'article 164bis L.I.R. afin de garantir la bonne application de l'option prévue à l'article 4 (1) (a) de la directive (UE) 2016/1164,

- à analyser la situation des sociétés de titrisation dans le contexte de la transposition de la directive (UE) 2016/1164, en pleine conformité avec cette dernière.

(s.) **André Bauler, Alex Bodry, Sven Clement, Henri Kox, Laurent Mosar, Roy Reding.**

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci.

► **M. André Bauler (DP), rapporteur.**- Déi zweet Moossnam ass d'Besteuerung vu Plus-werten, wann ee steuerflüchtige Betrib seng Aktiva oder seng Steuerresidenz ausserhalb vun der Besteuerungsspar vun engem Stat verleet, déi sougenannt „imposition à la sortie“.

Dës Mesure, déi sécherstelle soll, dass all Plus-value, déi zu Lëtzebuerg geschafft gëtt, och hei besteiert gëtt, existéiert schonn am Lëtzeburgeresche Recht. Si gëtt allerdéngs mat dësem Gesetzesprojekt op verschiddene Punkte geännert. Esou gëtt ënner anerem de Sursis de paiement ofgeschafft. D'Besteuerung ass direkt fälleg, wann ee Contribuable seng Aktiva oder seng Steuerresidenz an d'Ausland verleet. Just a verschiddenen Ausnahmefäll, zum Beispill bei Transferen innerhalb vun der Europäescher Union, kann d'Firma déi Imposition à la sortie iwwer en Zäitraum vu maximal fënnef Joer bezuelen.

Déi drëtt Moossnam gesäit dann eng generell Antimissbrauchsklausel vir. Och dës Dispositioun gëtt et scho méi laang am nationale Recht. Si bezitt sech op all déi Situatiounen, déi net ënner eng speziell Antimissbrauchdispositioun falen.

Well dës Klausel awer zënter hirer Aféierung am Joer 1934 net aktualiséiert ginn ass, geschitt dat dann elo mat dësem Projet. Esou gëtt d'Definitioun vun steuerleche Missbrauch méi präzis formuliert. Engersäits dréit dës nei Definitioun den Exigence vun der Direktiv Rechnung, anersäits iwwerhëlt se och Elementer vun der aktueller Klausel grad wéi vun der nationaler Jurisprudenz. Esou falen och an Zukunft d'Personnes physiques ënnert d'Antimissbrauchsklausel.

Komme mer zum véierte Punkt. Hei geet et ëm d'Regelen, déi déi auslännesch kontrolléiert Gesellschaften betreffen.

Doduerch soll evitéiert ginn, dass eng Mammengesellschaft hir Profitter op eng vun hir kontrolléiert Gesellschaft am Ausland transferéiert, déi manner Steiere bezuele muss. Dowéinst kritt de Stat, an deem d'Mammengesellschaft etabléiert ass, d'Méiglechkeet, fir dës Gesellschaft och op verschiddene Revenues vun der auslännescher Filial ze besteieren. Fir ënnert dës Regel ze falen, muss eng Gesellschaft awer op d'mannst 50 % vun enger anerer kontrolléieren.

Zum leschten a fënnefte Punkt. Hei geet et ëm d'Regelen, déi et erlaben, fir géint déi sougenannt „hybrid Dispositiv“ ze kämpfen. Hybrid Dispositiv sinn d'Resultat vun ënnerschiddene juristesche Bewäertungen vun Organismen oder Finanzinstrumenter an zwee verschiddene Länner. Doduerch kann et zum Beispill zu enger duebeler Steuererlichterung kommen, soudass eng Firma manner Steiere bezilt, wéi se eigentlech misst.

D'ATAD-Direktiv gesäit an esou Fäll vir, dass eent vun den zwee involvéierte Länner d'Steierdeduktioun refuséiere muss. Am Moment bezitt sech dës Regel nëmmen op Situatiounen innerhalb vun der Europäescher Unioun. D'Nofolgedirektiv, ATAD 2 also, etabléiert Regele fir hybrid Dispositiv tëscht Memberstaaten an Drëttstaaten.

Nieft dës fënnef Haaptmoossname gi mat dësem Gesetzesprojekt awer och nach zwou Ännerungen u besteierenden Dispositiounen virgeholl, déi d'Mesurë vun der Direktiv ergänzen.

Zum enge gëtt d'Definitioun vun engem Etablissement stable präziséiert, fir eventuell Interpretatiounsdivergenzen vun där Notioun ze vermeiden. Zum anere gëtt déi steuerlech Neutralitéit am spezifische Fall vun enger Konversioun, also der Émwendung vun engem Emprunt an en Titre représentatif vum soziale Kapital vum Debiteur, ofgeschafft.

Heimat ass, fir dat esou pädagogesch wéi méiglech ze erklären, d'Konversioun vun engem Emprunt an Aktien an neutralitéit d'impôt gemengt. De Creancier tauscht also seng Obligatiounen oder - allgemeng gesot - seng Creance géint Aktie vum Debiteur, deem eng Erhéijung vu sengem Kapital mécht. Esou eng Konversioun ass steuerlech gesinn en Échange de biens. A wa bei dësem Échange de biens eng Plus-value realiséiert gëtt, dann ass déi prinzipiell besteierbar. Esou eng Plus-value entsteet zum Beispill systematesch, wann et sech

ëm eng Zéro-coupon-Obligatioun handelt, dat heescht, wann d'Zënse net ausbezuelen, mä kapitaliséiert ginn. Fir den Detail verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport.

A sengem éischten Avis vum 13. November huet de Statsrot dräi Oppositionen formelles ausgeswat. Et gong heibäi virun allem ëm Froen vun der Formulierung, fir d'Direktiv vollständneg ëmzesetzen. Effektiv war de Statsrot zur Schlussfolgerung komm, dass zum Beispill bei der Imposition à la sortie oder den hybriden Dispositiv déi initial Formulierung vum Gesetzesprojekt d'Direktiv net komplett oder net richtig géif ëmsetzen.

Nodeems déi dräi Punkte mat de Regierungsamendementen vum 4. Dezember verbessert goufen, konnt och déi héich Kierperschaft gréng Luucht fir dësen Text ginn.

Här President, Dir gesitt, dass dat hei en äusserst wichtegen a komplizéierten Text ass. D'Finanzkommissioun huet sech mat alle Froen auserneegeat a war sech bewusst, dass mer dës Richtlinn esou transposéieren, wéi et verlaangt ass.

Dat gesot, wëll ech Merci soe fir Är Opmierksamkeet an och fir dat konstruktiv a kritescht Matschaffen an der Commissioun. An da wëll ech heimadder och den Accord vu menger Fraktioun fir dës Gesetzesprojekt ginn, ouni dobäi ze vergiessen, dass mer eis och ganz härelech bei den zoustännege Beamten aus dem Finanzministère fir hir kompetent Ausféierung solle bedanken.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Bauler. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Laurent Mosar agedroen. Här Mosar, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. D'Europäesch Commissioun huet de Kampf géint d'Steierhannerzëiung als absolutt prioritär ugesinn. An dat ass eng Prioritéit, déi mir natierlech als CSV-Fraktioun voll ënnerstëtzen. Et geet, wéi et och ëmmer erëm vun der Europäescher Commissioun gesot gëtt, hei ëm neit Vertrauen an d'Fairness vun eisem Steiersystem.

Mä dës Kampf an dëst Vertrauen, Här President, muss an der Saach an net just zum Schän erfollegräich sinn. Et dierf an der Praxis net just Verdrängungseffekter zur Folleg hunn, soss hu mer de Problem vun der Steiergerechtegkeet just vun där enger op déi aner Plaz verlagert. An dat ass eis vun der Approche hier e bësse kuerzgegraff a weder konform zu eise Wäerter vu Fairness nach zu eisen ekonomeschen Interesseneen.

Dëst gesot, Här President, kommen ech zum Projet, deem a sech den Objet och vu menger Interventioun ass, déi sougenannt „ATAD-Direktiv“ oder Anti-Tax Avoidance Directive, déi jo a sech, an de Rapporteur huet dat scho gesot, eng vun deene wesentlechen europäeschen Antworten op d'Konklusiounen vun deem sougenannten „BEPS“ ass; dat ass e flotten Numm, hannendru verstoppt sech Base Erosion and Profit Shifting. An zur Erënnung: An dësem Rapport „BEPS“ geet et jo prioritär drëm, fir déi sougenannt „aggressiv Steieroptimiséierungsmodeller“ ze bekämpfen, déi eigentlech just drop erauslafen, d'Besteuerungsgrundlag substanzuell ze reduzéieren.

Den exzellente President a Rapporteur André Bauler, deem ech fir d'Éischt awer och nach eng Kéier wëll felicitéiere fir seng nei Fonctioun als President vun der Finanz- a Budgetskommissioun, huet, wéi mer dat net aneschtens vun him gewinnt sinn, e kompletten a detaillierte schrëftlechen a mündlechen Rapport alt erëm hei ofgelivwert, soudatt ech mer kann erspueen, op all „technicalities“ vun dësem Projet de loi anzegoen. An ech hunn et erëm bewonnert, wéi en eigentlech virdrun an enger einfacher Sprooch extrem komplizéiert technesch Detailer vun engem Projet duergestallt huet, soudatt, ech mengen, déi allermeescht Kollegeen dat och verstanen hunn, Här Bauler.

► **Plusieurs voix.**- Très bien !

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Souvill dozou, Här President. De Rapport „BEPS“ an domadder och d'ATAD-Direktiv lafen also drop eraus, fir d'Besteuerungsgrundlag oder d'Base vun den Entrepreneuren méi breet ze maachen an domadder natierlech och steuerlech Ofsetzungsméiglechkeeten ze begrenzen.

D'ATAD-Direktiv ass an deem Sënn en éischte Schrëtt. An déi nächst wäerten déi si vun der



CCTB- an der CCCTB-Direktiv sinn - et ass eng mat dräi „C“ an eng mat zwee „C“- , déi eigentlech méi fundamental d'Besteierungs-grondlag vun den Entrepen europawäit wäerten harmoniséieren. Mir hunn de Moien an der Finanzkommissioun d'ailleurs doriwwer geschwat. An ech wäert herno nach ganz kuerz dorop agoen.

Ech wëll hei net méi an den Detail vun all deene Mesurë goen. Wéi gesot, de Rapporteur huet dat op eng ganz komplett Manéier gemaach. Ech wollt awer just op zwee Punkten nach eng Kéier agoen, déi fir eis fundamental sinn a wou de Projet, esou wéi en am Moment virläit, fir eis zwee grouss Defiziter huet.

Deen éischten ass, datt an der Direktiv eng Optioun virgesinn ass. Déi Optioun gesäit vir, datt international Entrepen, dat heescht Entrepen, déi Succursallen a verschiddene Länner vun der Europäescher Unioun hunn a souguer doriwwer eraus, kennen, wat een nennt eng „intégration fiscale“ maachen. Dat heescht, dat ass eng consolidéiert Steuererklärung, wat eigentlech am Interessi vun den Entrepen ass, well et och am Sënn vun enger Simplification administrative ass.

Dës Optioun ass am aktuelle Projet vun der Regierung net gezu ginn. A mir hunn dat natierlech och an der Finanzkommissioun virbruecht. An de Minister huet eis geäntwert, datt hien a sech hätt wellen ofwaarden, wéi déi aner Länner hei géife virgoen an ob déi eventuell och déi Optioun géifen zéien.

Entre-temps ass et esou - an ech mengen, de Minister ass och domadder d'accord -, datt notamtant d'Hollänner an d'Irlänner, mat deene mir an direkter Konkurrenz stinn, déi Optioun gezunn hunn an a sech d'Direktiv och mat där Intégration fiscale emgesat hunn, soudatt mer elo de Problem hunn, datt mir effektiv manner gutt dostinn, an och eis Entrepen. Notamtant d'Entrepen aus dem Industriesecteur wäerte manner gutt opgestallt sinn, well se net kënne vun där Intégration fiscale do profitéieren.

Ech muss soen, de Minister war ganz receptiv fir déi Suergen, déi mir ausgedréckt hunn an der éischter Finanzkommissioun. An e war och d'accord, fir iwwert de Wee vun enger Motioun nach eng Kéier dee Projet do op de Leescht ze huelen an och fir méiglechst schnell déi doten Optioun awer ze zéien, well ech mengen, datt mer all Interêt do hunn och um Niveau vun eiser Kompetitivitéit, fir net méi schlecht doze-stoe wéi d'Hollänner an d'Irlänner.

En huet eis och versprach - an dat ass, mengen ech, ganz wichteg, Här Minister -, datt, wann déi Adaptatiounen kommen, se och en Effet rétroactif op den 1. Januar 2019 wäerten hunn. Wéi gesot: Mir begreissen dat! Mir fannen et wichteg, datt dat och esou schnell wéi méiglech geschitt.

En zweete Problem, an och deen ass scho vum Här Bauler ugeschwat ginn, ass dee vun de sougenannten „sociétés de titrisation“. Ech wëll elo net hei am Detail nach eng Kéier op déi Sociétés de titrisation agoen; dat hu mer an der Finanzkommission en long et en large gemaach. Ech wollt just awer eng Kéier soen, datt et där Sociétés de titrisation ronn 1.200 hei am Land gëtt. An déi hunn am Ganzen ongeféier 600 Milliarden, déi wäerte geréiert ginn. Duerch déi Direktiv, déi mer hei transposéieren, besteet d'Gefor - ech soen „d'Gefor“ -, datt eventuell déi dote Sociéité bis zu 70 % kéinte besteiert ginn, wat net an der Philosophie vun der Direktiv ass.

Mir haten, wéi gesot, eng ganz interessant Diskussioun mat de Beamte vum Finanzminister, déi eis och confirméiert hunn, datt dat doten net dat ass, wat eigentlech vun der Direktiv bezweckt ass. Elo ass et awer wichteg, datt mer och do kloer sinn, well Dir wësst alleguerten: D'industriell Betriber, och d'Finanzindustrie, déi brauche kloer a strikt Regeln. An déi mussen natierlech och wëssen, wéi an Zukunft déi doten Dispositiounen emgesat ginn.

Dofir si mer och frou, datt mat där Motioun, déi vum Här Bauler virdrun hei virgestallt ginn ass, d'Regierung och nach eng Kéier den Engagement hëlt, dat dote genau ze kucken an eventuell och am Kader vun deenen Adaptatiounen och deen dote Punkt ze präzisieren. Ech mengen, dat ass ganz wichteg, well mir kennen hei net de Risiko agoen, datt eis eventuell do e puer Honnert där Sociéitéen an Irland ofwandere. Dat wär net gutt fir eis Finanzplaz.

Mir sinn also frou, Här President, an dat wëll ech och nach eng Kéier hei wierklech ënnersträichen, datt d'Regierung ganz proaktiv op

déi Initiativ vun der CSV-Fraktioun reagéiert huet an iwwert de Wee vun enger Motioun, déi, ech mengen, quasiment vun alle Fraktiounen gedroe gëtt, och dorobber reagéiert. Dofir e grouse Merci!

Esou stelle mir eis iwwregens och, Här President, eng gutt Chamberaarbecht vir: D'Regierung mécht Propositionen, d'Opposition kënnt mat Contrepropositionen, mat Suggestionen, eventuell mat Kriticken, an da gëtt gekuckt, wat een eventuell och do vun der Opposition kann emsetzen. Wéi gesot, mir fannen dat déi richtig Aart a Weis, Här Minister! A mir wäeren och frou, wa mer an Zukunft och kéinten an deem dote Sënn virufieren.

(Brouhaha)

Erlaabt mer awer, elo zum Schluss zwou Observatiounen ze maachen.

Dir wësst, besonnesch d'CSV ass net midd ginn, an de leschte Joren ëmmer drop hinzeweisen, datt et wichteg ass, datt mer um Niveau vun der Betribsbesteuerung nach eng Kéier en Effort maachen. Mir sinn eis elo bewosst, datt, wa mer déi heiten Direktiv emgesat hunn, et do wesentlech méi schwéier gëtt, fir Intérêt-débiteure fir Entrepen ofzesetzen.

Mir hunn do kee Choix! Mir mussen dat maachen. Mir wëssen awer och, datt dat effektiv, Här Minister, wäert derzou féieren, datt d'Besteuerung vun den Entrepen eropgeet. Dofir hu mir jo schonn ëmmer an deene leschte Méint a Joren derfir plädéiert, datt mer missten déi dote Mesure contrebalancieren duerch eng Diminutioun vum Taux d'affichage.

Ech hunn och opmierksam nogelauschtert, datt d'Regierung wëlles huet, deenen Taux d'affichage ëm 1 %, wann ech dat richtig verstanen hunn, vum nächsten 1. Januar 2019 un erofzesetzen. Dat ass natierlech eng Mesure, déi mer begreissen.

Mir mengen allerdéngs, datt dat net duergeet! An erlaabt mer vläicht awer, do op déi Diskussiounen zrëckzekommen, déi mer de Moien an der Finanzkommissioun haten, wou mer déi Note au formateur virgestallt kritt hunn. An do ass ee vun deene grouse Risiken, deen eis do opgezeechent ginn ass, genau - genau, Här Minister! - déi dote Proposition.

An ech wëll dat awer fir déi Kolleegen, déi net d'Chance haten, de Moien an der Finanzkommissioun derbäi ze sinn, nach eng Kéier ganz haart virlesen. Do geet et also drëm, datt hei e Risiko besteet, datt kéint bis zu engem Prozent vum PIB verluer goen. Dat heescht, dat ass en Ordre de grandeur vu 600 Milliounen Euro.

An da steet do - an ech liesen lech just d'Konklusioun vir, mä et ka jiddwereen natierlech déi Nott am Detail studéieren -: « En conclusion, que ce soient les mesures BEPS, la directive ATAD ou une éventuelle CCCTB, toutes ces mesures pourraient avoir un impact non-négligeable sur les recettes fiscales et il conviendrait d'envisager le cas échéant des mesures permettant de contrebalancer cette tendance. »

Här Minister, genau dat soe mir elo scho säit e puer Joer a säit e puer Méint. Ech mengen, et gëtt elo nach vill méi akut. An duerfir géiffe mer lech wierklech invitéieren - an Dir hutt de Moien, fannen ech, do eng ganz gutt Ouverture gemaach -, datt Der vun der Steierverwaltung elo emol kläre loosst an deenen nächste Wochen a Méint, wat den Impakt net nëmme vun dëser Mesure ass, mä eventuell och vun all deenen anere Mesurë wäert sinn, déi nach kommen. Ech mengen, datt dat wichteg ass!

Dat gesot, kann ech lech soen, datt mir den Accord zu dësem Projet de loi bréngen, allerdéngs well déi Ouverture gemaach ginn ass a well d'Majoritéit d'accord war, fir dës Motioun ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci villmools, Här Mosar. Den nächsten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Franz Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif dem Rapporteur André Bauler gär Merci soe fir säi gudden Rapport. Hien huet dësen techneschen Text, dësen awer ganz wichtigen Text, ganz gutt a kloer erkläert.

Fir eis als LSAP geet dësen Text, deen d'ATAD emsetzt, ganz kloer an déi richteg Richtung. Et gëtt hei eppes gemaach, fir d'Vermeidung vun der Besteuerung duerch aggressiv Steuerplanifizierung ze limitéieren an ze reduzéieren. Et ass eng spët Reaktioun op de LuxLeaks-Skandal an aner Revelatiounen, déi dës Planifizierung e bësse bloussgestallt hunn.

Mä et ass e bëssen hei wéi mam Klimawandel: Mir maachen eppes, mä mir maachen och ëmmer e bëssen de Contaire zur gläicher Zäit. D'Steierkonkurrenz tëscht den EU-Länner ass

nach ëmmer voll amgang. Si mécht sech elo net méi op der Assiette, si mécht sech elo op den Tauxen. Mam Brexit, dat wësse mer, ass d'Menace vun enger Steuerkonkurrenz duerch d'Engländer och ganz präsent.

Als klenge Land mat enger grousser Finanzplaz si mer do an engem Dilemma gefaangen. Mir bedauern engersäits alleguerten d'Explosioun vun den Ongläichheeten, vun der sozialer Ongläichheet, d'Schéier tëscht Aarm a Räich, dat, wat d'Greta Thunberg esou androcksvoll a senger Ried op der COP24 ugeprangert huet a wou d'Ministesch och sot, à juste titre, dass dat déi kleng Schwëster ass vum Klimawandel - oder vläicht déi grouss Schwëster. Mä mir maachen et trotzdeem mat. A mir maachen ëmmer nach mat an enger fiskaler Konkurrenz. Dat sollte mer eis eng Kéier duerch de Kapp goe loosse, ob dat nach ëmmer esou richtig ass.

Wéi gesot, dat heite geet an déi richteg Richtung. Mir stëmmen dat hei mat, fannen dat e gudden Text, mä, wéi gesot, als Finanzplaz sollte mer eis heiansdo froen, wat fir eng Optiounen mer do zéien a wat fir eng Produkter mer och weider hei nach wëlle promovéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien !

► **M. Fernand Etgen, Président.** - Merci, Här Fayot. Den nächsten ageschriwene Riedner ass den honorabelen Här Henri Kox. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi grëng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Härren, fir d'Éischt wëll ech dem Rapporteur Merci soe fir den ausféierleche schrëfteleche Rapport an natierlech och fir deen exzellente mëndleche Rapport. Dat erlaabt mer näamlech, net méi op d'Gesetz selwer mussen anzegoen, awer méi, mengen ech, déi politesch Auswierkungen nach eng Kéier ze belichten, esou wéi dat och vu mengen zwee Virriedner gemaach ginn ass.

Dir wësst alleguerten, soubal mir hei a Lëtzebuerg u Steierschrauwe bezüüglech de Betriber dréie ginn, ass de Fokus op eist Land ëmmer ganz grouss. Dofir ass et och novollzéierbar, dass mer versichen, zu deene gudden Schüler ze gehéieren, wat d'Upassung un déi nei Regeln ubelaangt. Ech wëll just un d'LuxLeaks-Affär erënneren, wat jo awer fir eis Finanzindustrie vill Schued hannerlooss huet.

Dofir ënnerstëtze mer och de Finanzminister a sengen Efforten, fir eben esou gutt wéi méiglech transparent a gerecht Steuermodeller am Aklang mat den europäesche Richtlinien ze maachen. Dofir war et och selbstverständlech, dës Direktiv an dem Zäitplang emzesetzen an net nach e bëssen ze waarden, wéi deelen an der Kommissioun diskutéiert ginn ass, bis déi aner Analyse gemaach gi sinn. Dofir ass et wichteg, dass dat elo gemaach gëtt an och zäitno emgesat gëtt.

Et geet jo hei drëms, esou ass dat jo gesot ginn, déi Direktiv fir méi fair, effizient Betribsbesteuerung ze maachen. Et ass och schonn den Numm genannt ginn: „ATAD-Direktiv“ gëtt se genannt. Et geet op eng ganz Rei vu Rapporten zrëck. Déi sinn och scho genannt ginn.

D'Europäesch Kommissioun huet 2016 e ganze Package zesummegestallt, fir dat ebe besser ze organisieren, d'Betribsbesteuerung méi gerecht, méi einfach, awer och méi effikass ze maachen. Dofir ass et eng edel a wichteg Cause hei, dass mer eng besser oder eng méi gerecht Steiergerechtegkeet kréien an d'agressiv Steiervermeidung domadder e bëssen anzedämmen. Dat ass eppes, wat mir als Grëng nëmme kënne mat ënnerstëtzen an och natierlech begreissen.

Doduerch, dass grouss international Entrepen, andeem si de Steiersystem clever auspillen, nëmme minimal Steiersätz op hire Benefisier bezuelen, schafe si sech en onfaire Virdeel géigeniwwer vu méi klengen nationalen Entrepen. D'Konsequenz ass, dass eng sozioekonomesch Plus-value vun dëse Steiergelder ausfällt; dat heescht, dass dat Geld, wat fir wäertvoll Projekte kéint agesat sinn, de Staten - eis, dem Stat - da feelt, fir ebe wichteg Investitiounen ze maachen.

An deem Bericht vun 2016 fënnt een och Kommentarer oder Ausféierunge vun der Europäescher Kommissioun. Esou gëtt vun enger Billioun Euro geschwat, déi do deels verluer ginn, déi natierlech an den Infrastrukturen, an der Sécherheet, an der Bildung schlussendlech da feelen.

Et gëtt och aner Etüden. Ech hunn hei nach eng vun enger Wirtschaftssoziologin vun Innsbruck, der Professorin Silke Ötsch, déi zu darselwechter Konklusioun kënnt, dass eben d'Kierperschaftssteuer a sech säit den 80er Jore vum viregte Jorhonnert successiv erofgaangen ass an dass eben insbesondere multinational Betriber dättelech dovunner profitéiert hunn. A si kënnt och zu darselwechter Konklusioun wéi

d'Europäesch Kommissioun, dass dat, éischstens, ondemokratesch ass oder fir den demokrateschen Stat Schwierigkeete mat sech bréngt an dass eben de Gestaltungsspillraum vun de Staten ëmmer méi kleng ginn ass.

Mir als Grëng hunn dofir och an der Vergaangenheet souwuel op europäeschem wéi awer och op nationalem Plang probéiert, dogéint virzegoen.

Nach eng Kéier: LuxLeaks, d'Panama Papers hunn eisem Land net onbedéngt eppes zu enger gudder Reputatioun bäigesteiert. Dofir nach eng Kéier: Déi blo-grëng (veuillez lire : blo-rout-grëng) Regierung huet schrëttweis, awer ganz intensiv dës evasiv Steuerpolitik a Fro gestallt a geet haut an déi richteg Richtung an ass eng vun deenen éischten, déi och ëmmer bei esou Emsetzungen derbäi sinn. Dofir kënne mer dat net méi wéi nach eng Kéier ënnersträichen.

Am Koalitiounsvertrag, dat ass och schonn hei gesot ginn, stinn eng Rei Moosnamen: a) Et steet ganz ausféierlech do, Säit 119 geet et un: « Le Gouvernement prône une politique fiscale compétitive et équilibrée ». Ech mengen, do widderhuelen ech och gären dem Finanzminister seng Wieder aus der Kommissioun, fir ze soen: D'Kompetitivitéit, awer och d'Éierlecheit vun eiser Finanzindustrie mussen am Fokus bleiwen.

A weider, an dat huet den Här Mosar virdrun hei erwänt, duerch déi Verbreederung vun der Steuerbase kënnt et derzou, dass ebe méi Steiere bezuelt ginn. An dofir ass d'Fuerderung vun der CSV hei virdrun nach eng Kéier gesot ginn, fir den Taux d'affichage erofzesetzen. An dem Koalitiounsvertrag steet jo ee Punkt, dass en erofgeet ab dem 1. Januar 2019, wat mir och matdroen.

Awer doriwwer eraus deelen ech d'Meenung vu mengem Kolleeg Franz Fayot virdrun a senger Ausféierung, dass mer oppasse mussen, wéi wäit mer erofginn. Ech war de Moien och an där Finanzkommissioun, wou et iwwert d'Riske gaangen ass. An ech hunn datselwecht Dokument jo och hei nach eng Kéier matbruecht. An deem Dokument feelt mir awer déi emgedréinten, optimisteschen Ausenanersetzung mat deenen Analysen. Hei si méi déi negativ Auswierkungen op d'Staatsfinanzen. Ech mengen awer gradesou, wann een d'Tendenze kuckt, an dat hu mer de Moien och gesot kritt, dass mer eng schwaarze Null wäerten am Zentralstat aféieren. Dat heescht, mir wäerte keng Scholde méi am Zentralstat hunn.

Mir hunn Zuele gewise kritt, déi schonn deels Geschicht sinn, well se no uewe missten ugepasst ginn. An dofir mengen ech, dass mer sollte ganz vorsiichteg sinn, wa mer nach weider d'Tauxen erofdrécken. Mir sollten natierlech d'Kompetitivitéit am europäesche Kontext kucken, awer net onbedéngt déi sinn, déi dat doten nach no vir dreien an domadder och d'Finanzfäegkeet vun engem Stat weider hypothekéieren, wat mir als Grëng awer net wëlle weider verteidegen.

Fir eis Grëng sinn net nëmme déi finanztechnesch an déi steierpolitesch Froe vu Wichtegkeet. Ech mengen, d'Finanzplaz huet och aner Atouten. Et gëtt oft vun de Käschte vun der Reglementatiounen geschwat. Ech wëll awer do och nach eng Kéier soen: D'Käschte vun der Reglementatiounen vun haut sinn d'garantéiert Sécherheete vu muer a si wappnen eis besser, fir dann och op déi nächst Krise virbereet ze sinn.

Et gëtt och weider Elementer, déi eis Finanzplaz ënnersichen no anere Kritären, firwat eis Finanzplaz dann esou positiv dobaussen ass. An do gëtt et jo och Etüden: nient der Aarbechtsplaz an de finanztechneschen Elementer ass et och weinst der Liewensqualitéit. Ech mengen, mir sollen dat och erwänen. An déi Liewensqualitéit bréngt eis erstaunlecherweis op Plaze viru Stied wéi New York, Berlin, Paräis, Tokyo oder London. Dat heescht, dat sinn Elementer. Och déi sproochlech Komponent, natierlech ass dat och e ganz wichtegt Element. An dat wollte mir als Grëng awer och hei nach eng Kéier betounen.

Da wëll ech awer och soen, well mer virdrun eben am Klimabereich iwwer Kattowitz geschwat hunn, iwwert d'COP an dass eis Finanzindustrie sech méi sollt a Richtung vu grënge Finanzen entwéckelen - de Kolleeg Wagner huet dat virdrun hei e bësse méi vun där negativer Säit gekuckt -, dass sécherlech d'Kritären do nach ze verbessere sinn. Ech ginn awer vum Glas Waasser aus, dat gefëllt gëtt, no an no. An ech mengen, et ass eng positiv Tendenz do.

Ech mengen, déi 133 grëng Obligatiounen sinn zwar nëmme a Wäert vun 63 Milliarden, a wann ech virdu vun den Titrisatiounen vu 600 Milliarden ausginn, dann ass dat nach e wäite Wee, bis mer a sech och grëng Finanzen op deem Standard hunn. Awer weltwäit gi mer do ganz positiv gekuckt. An ech mengen, dat



sollte mer awer och an Zukunft nach vill méi ausbauen, well et gëtt gebraucht, fir déi Transition énergétique hinzekréien! Dofir sti mer do ëmmer - wéi seet een? - „Gewehr bei Fuß“, fir dem Finanzminister ze hëllefen. An do leeft jo eng ganz gutt Kooperatioun tëscht dem Finanzministère an dem Ëmweltministère, fir an deem Sënn positiv weiderzegoen.

Här President, Dir Dammen an Hären, ech kommen dann zum Schluss. Wéi gesot, ech wollt net méi op d'Gesetz agoen.

Ech wollt awer och zu der Motioun Stellung huelen. Effektiv ass doriwwer vill diskutéiert ginn an der Kommissioun. A mir war et awer och ganz wichteg, an dat ass jo mat agefloss: Wa mer eng Analys maachen, wa mer dat iwwerpräiwen, da soll et awer a Conformitéit mat där neier Reglementatioun sinn. An dat ass jo och an der Motioun esou opgeholl ginn. Dofir stëmme mer deem Gesetz zou a mir ënnerstëtzen och déi Motioun, déi hei virläit, fir da vläicht herno vun eis gemeinsam kënnen gestëmmt ze ginn.

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Här President?

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kox. Den nächsten ageschriwwene Riedner ...

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Ech wollt dem Här Kox eng Fro stellen.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Ah, pardon! Här Mosar, wann ech gelift!

► **M. Laurent Mosar (CSV).**- Merci, Här President. Ech hunn dem Här Kox ganz opmierksam nogelauschert; wat ech iwwregens ëmmer maachen, well den Här Kox ëmmer interessant Saache seet. En huet och virdrun hei e bësselchen déi Fro iwwert d'Risiken developéiert, iwwert déi mer de Moie laang geschwat hunn, an déi sougenannten „note au formateur“. An en huet do e bësselche meng Aussoe wëlle relativéieren, andeems e gesot huet, dat kéint ganz vill Chancë mat sech bréngen.

Här Kox, ech wollt lech soen, datt net méi spët wéi de Mëtten eis eng Noriicht hei erreecht huet, datt ee vun de Fleurone vun der Lëtzeburgergescher Finanzplaz 212 Leit entléisst, d'Firma Clearstream, déi zu engem ganz groussen Deel delokaliséiert gëtt, well, esou liesen ech dat am Communiqué, Lëtzebuerg net méi attraktiv genuch ass.

Merci.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Ech hunn déi Noriicht nach net gelies. Ech weess awer vu ganz ville Firmen, déi wéinst der Attraktivitéit hei op Lëtzebuerg kommen. Dofir loossen ech dat dann esou am Raum stoen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Kox. Deen nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Roy Reding. Här Reding, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëilt och am Numm vun der ADR eiem Rapporteur André Bauler Merci soe fir e wierklech exzellenten, ausféierlechen an detailléierte Rapport. Ech hu seelen esou eng gutt Aarbecht gesinn.

Mir als ADR wäerten dësen Text stëmmen. Mir ënnerstëtze fundamental och de Kampf géint all Aarte vu Steierhannerzéiung. Ech muss allerdings dem Kolleg Laurent Mosar 100 % recht ginn, wann e seet, datt mer net méi Steiergerechtegkeet aféieren, wann Instrumenter just vu Lëtzebuerg op Dublin plënnere. Dann hu mer eis e Bierendéngscht geleescht.

An dat ass och meng Äntwert op dem Kolleg Franz Fayot seng Remark: Mir si ganz oft „first movers“ heiran an doran. Mir kënnen och „first losers“ sinn. An effektiv ass déi Hiobsbotschaft elo gefall vun 212 Aarbechtsplaze bei Clearstream, déi ofgebaut ginn. Dat ass net näischt an engem klengen Land wéi eisem.

Mir deelen och de Constat, datt Lëtzebuerg hätt solle vun Ufank u vun der Optioun profitéieren, fir d'Intégration fiscale anzeféieren, esou wéi Holland an Irland dat gemaach hunn. Mir sollten iwwerhaapt ëmmer am A behalen, wat eis direkt Konkurrente maachen an dovunner net ofweiche, wann et net zwéngend Grënn dozou gëtt. Duerfir sinn ech och frou, datt déi Motioun komm ass, déi mer och matdroen an déi och d'Konditioun war, fir dësen Text ze stëmmen.

Wéi den Här Minister Gramegna déi entsprecheend Annonce gemaach huet op engem Mëttegiese vun enger wuelbekannter Chambre de Commerce war d'Erliichterung an interesséierte Kreesser spierbar. Et war eng richtig grouss Erliichterung, datt do elo agelenkt gouf.

Kommt, mir vergiessen ni, datt mer einfach ofhängeg sinn, awer total ofhängeg si vun eiser Finanzplaz mat allem, wat dorëmmer geschitt, déi mindestens 25 % vun eiem Statsbudget

ausmécht! An ech géif mer wënschen, datt esou Enervementer wéi déi Kéier bei dësem Projet kéinte verhënnert ginn duerch méi intensiv a strukturell Diskussiounen mat deenen interesséierte Kreesser.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Reding. Den nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Wagner. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Also, Här President, d'BEPS-Agenda vun der OCDE, op déi dëse Projet de loi zrëckgeet, huet de Meritt ze existéieren, kéint ee soen. Si probéiert, zumindest déi allerschlämmst Feelentwécklungen unzegoen, nodeems jo bal ee Jorhonnert laang u sech net vill geschitt ass an déi Richtung. Mä mir als Lénk beobachten dës BEPS-Agenda ouni groussen Enthusiasmus an ouni grouss Illusiounen.

Och wa se punktuell Verbesserunge bréngt, esou wäert se de Problem net léisen. Si verännert de Problem, si verlagert de Problem, mä si léist en net. D'Multinationale wäerten och no der vollständiger Ëmsetzung vun den aktuelle BEPS-Mesuren net méi Steiere bezuele wéi virdrun. Si riskéiere souguer, nach manner Steieren ze bezuele wéi virdrun.

Mam BEPS gëtt den internationale Steiersystem schlussendlech net méi einfach, mä deelweis souguer nach méi komplex an oniwwersiichtlech. Et ass e politesche Prozess, dee Resultater vum klengste gemeinsamen Nenner ervirbréngt, dat heescht wou scho vu virera Kompromësser a Flexibilitäten agebaut sinn. Dobäi kéint dann d'Interpretatioun an d'Ëmsetzung jee no Land ganz ënnerschiddlech sinn.

Ech erënneren och an deem Kontext just drun, datt d'Europaparlament eng vill méi streng ATAD-Direktiv verlaangt hat, mä datt de Conseil - dat heescht d'Memberlänner, a wahrenscheinlech si mir och derbäi - déi ursprüngelech Versioun vun der EU-Kommissioun nach eng Kéier verwässert huet.

Mat dëser Approche vun der OCDE an der EU ginn zwar déi gréisste Lächer am internationale Steiersystem zougedeckt, mä a kengem Fall gëtt domadder d'Steierevasioun effektiv gestoppt. D'Multinationale wäerte sech ganz einfach dorunner upassen. Och wa se vläicht e bësse méi e groussen Opwand bedreiwe mussen, wäerte se mat Hëllef vun de Big Four ëmmer nei Weeër fannen, fir derlaanschtzkommen. Dofir sinn déi jo do.

Donieft ergëtt sech eng fatal Entwécklung aus der Tatsaach, datt een zwar d'Steierbasis wëllt verbreedere, d'Assiette wëllt verbreedere, awer ouni op där anerer Säit Limiten no ënnen ze setze bei den Tauxen. An d'Course no ënnen, wat d'Betribssteieren ubelaangt, wäert sech domadder also nach eng Kéier beschleunegen, mat alle sozialen a politesche Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt. A mir si jo als Lëtzeburger - also d'Regierungen - traditionell der Meinung, datt ee muss Concurrence fiscale bedreiwen, wat jo katastrophal ass. Ech hoffen, datt jiddwereen dat iergendeng Kéier wäert verstanen hunn.

Déi Lëtzeburger Regierung mécht et jo d'aileurs och vir mat hirer Argumentatioun, datt een elo mat all deene BEPS-Mesur misst den Taux d'affichage erofsetzen, nodeems d'CSV immens vill Drock gemaach huet an eng gutt Lobbyaarbecht gemaach huet. Si huet souguer klipp a kloer am Koalitionsaccord gesot, datt d'Entreprises nom BEPS net méi Steieren dierfe bezuele wéi virdrun. Jiddweree ka sech ausmolen, wou mer histeieren, wann all Land op dës Manéier rasonéiert.

Datt d'Multinationale lächerlech geréng Steiere bezuelen, ass am Endeffekt keen technesche Problem, an dofir ka BEPS och näischt drun änneren. Et ass e politesche Problem.

Här President, wat Lëtzebuerg ubelaangt, erkenne mer gären un, datt d'Dräierkoalitioun säit 2014 eng ganz Rei Ustrengungen ënnerholl huet, fir d'Land lues aus deem Schmutdeleck erauszuhuelen, an deem et spëtstens no LuxLeaks souz. Si war och e bësse gezwonge ginn.

Op där anerer Säit soll d'Regierung sech awer elo och net dohinnerstellen, wéi wa se méi helleg wéi de Poopst wier. D'Lëtzeburger Finanzplaz ass nach ëmmer déck am Geschäft, wann et drëms geet, fir de Multinationallen an de Superräichen derbäi ze hëllefen, Steieren net ze bezuelen; net méi esou oppen a sans gêne wéi fréier oder wéi et vläicht hätt kënnen sinn, wann een anere Finanzminister vun dëser Bänk vläicht do gesiess hätt (veuillez lire : wann een anere Finanzminister vun der Oppositionsbänk op der Regierungsbänk gesiess hätt), mä ëmmerhin am groussen Stil.

An d'Regierung ass och net bereet, dat ze änneren. Si akzeptéiert zwar déi Saache vun der EU, déi net méi ze vermeide sinn, probéiert

awer ansonsten, mat alle Mëttelen de Status quo ze verteidegen.

Zu Bréissel ënnerhëlt d'Regierung vill Efforten, fir déi europäesch Initiative schonn am Virfeld ze blockéieren oder ze verwässere. A bei den Transpositionen gi meeschtens all d'Méiglechkeete genotzt, fir esou mann wéi méiglech ze änneren. Och bei dëser Ëmsetzung vun der sougenannter ATAD, iwwert déi mer haut ofstëmmen, sinn erëm e ganze Koup Flexibilitäten an Usproch geholl ginn, och wa se vläicht aus politesche Grënn net alleguer bis hannerhin ausgereizt goufen. An dat ass och de Fall bei de Sociétés de titrisation, op déi ech herno nach wäert zrëckkommen.

Dann awer nach eppes anescht, wat guer net ernimmt ginn ass. D'CGFP hat och dorobber opmierksam gemaach. An do muss ee vläicht e bëssen oppassen! Well bei dëser Transposition ass och opgefall, datt déi gëfteg Notioun vun den „Intérêts notionnels“ fir d'éischte Kéier an eis Legislatioun soll opgeholl ginn. Mir sinn eis och scho bewosst, datt se an der Definitioun fir d'Coûts d'emprunt opdaucht an datt se direkt aus der europäescher Direktiv iwwerholl ginn ass; well zurzäit nëmmen d'Belsch esou eppes praktizéiert. Mir hunn dat selbstverständlech net.

Do kéint ee sech natierlech Froe stellen. Gëtt dat iwwerholl, falls et vläicht och kéint hei zu Lëtzebuerg agefouert ginn? Well mir wëssen, datt jo awer e gewëssene Milieu immens vill Drock mécht, fir d'Intérêts notionnels hei zu Lëtzebuerg anzeféieren. Mir wëssen, datt d'CSV derfir war. Ech mengen, datt en Deel vun der Koalitioun derfir ass - ech si mer net sécher -, well déi heite Koalitioun hat et scho versicht eranzeschmuggelen am Koalitionsaccord 2013. A glécklecherweis war den Oppositionsleader deemools een, dee sech gutt auskannt huet, nämlech de Jean-Claude Juncker, an dee wousst, wat d'Intérêt-notionnelle wieren.

A well ech gär grouss Statsmänner zitéieren, wäert ech de Jean-Claude Juncker zitéieren. En huet genau vir fënnf Joer hei geschwat. Ech imitéieren en awer net hei, keng Ängscht!

(*Hilarité*)

► **M. Alex Bodry (LSAP).**- Et géif schwéier ginn!

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Et géif schwéier ginn.

„D'Belsch huet dat gemaach. D'Belsch steet am Feier vun enger permanenter Kritik vun deenen anere Regierungen an Europa wéinst dem System vun den Intérêts notionnels. De belsche Stat hat eleng doduerch, ouni datt eng Aarbechtsplaz geschaf ginn ass, ouni datt de belsche Stat dovun profitéiert huet, ee Steierausschall vu 5,6 Milliarden Euro d'lescht Joer“, also 2012.

Da geet et weider, ganz gutt: „Iwwerleet lech et ganz gutt, wéi wäit datt Der Är Kapitalfrëndlechkeet dreift, an iwwerpréift dat Instrument, ier Der et aféiert, well et riskéiert ouni Notze fir d'Land ee ganz deiert Instrument zum Schued vun den ëffentleche Finanzen hei zu Lëtzebuerg ze ginn!“

An da gëtt et nach besser: „Maacht net alles dat, wat déi lech an d'Ouer flüsteren, déi lech beroden hunn, wéi Der dëse Koalitionsaccord ofgeschloss hutt!“

An ech géif dëser Regierung dee Conseil erëm eng Kéier ginn, falls et kéint geschéien, datt gewësse Leit a gewëssene Milieuen e bëssen ze haart flüsteren. An ech mengen, ech sinn net deen Eenzegen, dee kritesch ass, well, bon, d'CGFP ass jo och schonn dohannert. An dofir wollt ech awer och ... An net nëmmen déi, mä ech mengen, jiddwereen, dee weess, wourëms et geet. Et ass wierklech eppes ganz Geféierlech!

Dofir wollt ech awer och wëssen, ob d'Regierung wëlles hätt, an deenen nächste fënnf Joer d'Intérêts notionnels anzeféieren. An ech wier frou, wann den Här Gramegna mir eng ganz kloer Äntwert kéint ginn, wa méiglech mat „Neen“, well ech mengen, soss misst ee sech vill Suerge maachen.

Här President, mir begrëissen et, datt op internationalem Niveau an och hei zu Lëtzebuerg gewëssen Efforten ënnerholl ginn, fir d'Évasion fiscale vun de Multinationallen anzegrenzen. Datt domat awer de Problem soll geléist ginn, dorunner gleewe mer net.

Soulaang wéi de Prinzip vun der Concurrence fiscale ongebrems weidergeet, wäert et och keng Steiergerechtegkeet ginn. Wa mer wëllen d'Erosioun vun de Statsbudgete stoppen, da brauche mer eng gemeinsam Steierbasis a gemeinsamen Mindesttauxen, zumindest innerhalb vun der EU. A soulaang sech d'Regierung deem widderst, dréit se zumindest eng Matschold un de sozialen a politesche Konsequenzen, déi sech dorausser erginn. Dat erkläert och, firwat mer eis wäerten enthalen.

Ech wollt dann nach just zur Motioun kommen, déi bal jiddwereen - ausser mir, glécklecherweis - d'aileurs och ënnerschriwwen huet. Well déi Motioun, wourëms geet et? U sech huet d'Regierung ... Et misst een d'Regierung luewen, well si hat jo déi Optioun op d'Sociétés de titrisation gefrot, wat eng gutt Saach ass. D'Sociétés de titrisation: Et muss ee vläicht e bëssen drun erënneren, wat dat ass. Et muss een och drun erënneren, datt 2007 duerch d'Sociétés de titrisation d'Kris vun de Subprimes ausgeléist ginn ass.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Net fir d'Lëtzebuerger!

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Jo, fir d'Mënschheet, fir d'Welt, Här Reding! Ech interesséiere mech net nëmme fir mäin eegene Portmonni. Souwisou géif ech näischt dorunner verdéngen.

Duerno ass se a Verruff komm, zu Recht. An ab 2014 ass et jo erëm lassgaange mat de Sociétés de titrisation. An zu Recht gouf se hei zrëckbehalen. An elo, well mer zurzäit jo net wëllen onbedéngt am Pak si vu ganz bësse Länner, wëlle mer waarden, datt vläicht e bësse manner suspekt Länner matmaachen. An da géife mer déi eraushuelen.

Ech mengen, dat ass relativ geféierlech. A wéi de Marc Fiorentino vun der Newsletter „MonFinancier“ seet - dat sinn alles Leit, déi kenne sech aus! -, e sot, och déi aktuell Versioun vun de Sociétés de gestion, vun Titrisatiounssociétéiten, hien nennt se « un bon cocktail pour tous les dérapages ». Also 2007: d'Subprime-Kris; net vergiessen! A mir wëllen déi da vläicht eraushuelen.

Ech wëilt och drun erënneren, datt deemools och déi Préten an den USA, déi u sech jo och an de Sociétés de titrisation waren, déi kruten den Triple-A! Déi kruten den Triple-A! Just fir ze soen, wat d'Agences de notation wäert sinn, well si selwer dru gewannen.

Ech muss dem Här Mosar felicitéieren. Seng Aarbecht bréngt Friichten. En huet d'Koalitioun iwwerzeegt, dee Wee ze goen. Et wonnert mech, well d'Koalitioun war um richtige Wee, fir justement net déi Sociétés de titrisation erauszuhuelen. Dir verdéngt eng Medalj, Här Mosar; d'Regierung awer net. A mir wäerten dat natierlech net matdroen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner. Als leschte Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement agedroen. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Här President, Kolleginnen a Kollegen, ech mengen, et ass vill zu dësem Text gesot ginn. Dofir wäert ech all déi Argumente, déi ewell virbruecht goufen, net nach eng Kéier widderhuelen, och well mer iergendwann eng Kéier sollten zu engem Vott heizou kommen, well et brennt: Den Délai de transposition, deen ass bekanntlecherweis den 31. Dezember. A mir kéinten et emol eng Kéier faerdegréngen, fir eng Direktiv - och wann eréischt zwee Joer, nodeem se dann decidéiert gouf, e Projet de loi deposéiert gouf - matzäiten ze transposéieren an domadder eben net zum „Pak“, wéi den Här Wagner et genannt huet, „vun deene ganz bësse Länner“ ze gehéieren.

Ech mengen net, datt mer heimadder zu deene ganz gudden Länner wäerte gehéieren. Mä ech froe mech, ob et esou eppes iwwerhaapt ka ginn, soulaang mer an Europa zouloossen, datt mer e Concours maachen, wien déi favorabelst an attraktivst Steierkonditiounen offréiert.

Ech mengen, eppes, wat ech aus deenen zwee Avisen, déi zu dësem Projet de loi ofgi goufen - vun der Chambre des Salariés, mä och vun der Chambre de Commerce -, zrëckbehalen hunn, ass, datt mer eis grondsätzlech Gedanke musse maachen iwwert d'Komplexitéit, déi eise Steiersystem huet, a virun allem iwwert d'Komplexitéit vun de Regeln, déi mer mëttlerweil brauchen, fir déi ëmmer nei Geschäftsmodeller an ëmmer nei Firmestrukturatiounen iergendwéi nach an eiem Steiersystem ofzebilden an domadder och erauszefannen, wie schlussendlech wivill Steiere muss bezuelen.

Datt dat net grad zu manner soziale Spannungen féiert, dat gesi mer am Moment ganz gutt an eisen Nopeschlänner a mir sollten eis hei onbedéngt - an dat ass, mengen ech, den Appell am Kader vun dësem Projet - Gedanken driwwer maachen, wéi mer de Steiersystem insgesamt kënnen reforméieren. Dat ass kee kuerzfristeg Projet, mä e laangfristeg Projet, fir esou de Steiersystem méi einfach verstobar ze maachen, derfir ze suergen, datt d'Coûts



d'application erfoginn, datt eis Käschte vun de klengen a mëttelstännnesche Betriber erfoginn, fir ze probéieren, nach konform ze sinn, datt mer awer och sozial Spannunge kënnen vermeiden.

Et ass erstaunlech, datt d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Salariés do quasi enger Meenung sinn. Ech hat dat net sou ageschat, datt déi heefeg enger Meenung géife sinn.

Dat heescht, d'Piraten ënnerstëtzen dëse Projet de loi. Mir si frou, datt mer en nach virum Délai de transposition ëmgesat kréien, ginn awer ze bedenken, datt mer nach vill Aarbecht an dësem Domän virun eis hunn a virun allem och de Volet vun der Digitalisatioun an d'Méiglechkeeten, déi déi eis gëtt, fir an Zukunft de Steiersystem net méi komplex, mä méi einfach verstobar sollte maachen an domadder vläicht och e puer Lücken, déi mer am Moment nach hunn, zoumaachen.

Villmools Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Clement. D'Regierung huet d'Wuert. Här Finanzminister Pierre Gramegna, wannechgelift!

Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Här President, Dir Dammen an Dir Härren Deputéiert, fir d'Éischt géif ech gär dem Här Rapporteur André Bauler felicitéiere fir säin exzellente Rapport, dee ganz präzise a pädagogesch war, an dat war an deem heiten Domän net einfach. Dat erspuert mir och, fir wierklech an den Detail ze goen, well ech mengen, all déi Dispositiounen sinn hei gutt erkläert ginn.

Dëse Projet de loi Anti-Tax Avoidance Directive ass natierlech baséiert op der Ëmsetzung vun enger Direktiv vun Europa. D'Haaptzil ass natierlech, Steuerongerechtegkeeten ze reduzéieren, international an dann natierlech national. De But ass och, géint verschidde Praktiken vun Optimisatioun hei virzegoen, wat mat sech bréngt, dass d'Steierbasis méi breet gëtt. Dat ass en fait de But, deem hei poursuivéiert gëtt.

D'Initiativ BEPS vun der OCDE a vum G20 ass 2015 op en Accord gestouss. Ech war deemools dobäi zu Lima, wéi dee presentéiert ginn ass. Deemools hat Lëtzebuerg d'Presidence vun der Europäescher Unioun. An deem Exercice ass an dräi Joer gemaach ginn. Tëschent 2012 an 2015 ass fäerdegbruecht ginn, dass d'Steierlandschaft, déi mer säit méi wéi 100 Joer kannt hunn, reforméiert sollt ginn an d'Länner dat sollten ëmsetzen.

Déi Plaz op der Welt, wou déi Ëmsetzung am séierste gemaach gëtt, ass d'Europäesch Unioun. Dat huet seng Virdeeler, dat huet och seng Nodeeler. De Virdeel ass, dass Europa déi Saach seriö hëlt an dofir déi heiten Direktiv ugehall huet, an dann eng zweet, déi mer d'nächst Joer wäerten unhuelen, déi och ATAD heescht, mat enger 2 hannendrun. An domadder beweist Europa, dass et déi Saach hei seriö hëlt.

Ech wëll och ënnersträichen, dass dat heiten nëmme méiglech war op europäeschem Niveau, well all Land d'accord war, well mer Unanimitéit a Fiskalitéitssaache brauchen. A Lëtzebuerg huet sech hei net opposéiert. A mir waren och net dat Land, wat déi meeschte Schwierigkeete gemaach huet, obwuel ganz vill Saachen duerch déi heiten Direktiv op lëtzeburgeschem Niveau geännert ginn.

A mir sollen och net mengen, dass dat heiten elo zu Lëtzebuerg ëmgesat gëtt, ouni dass een op eis kuckt! Ech begreissen en passant den amerikaneschen Ambassador, deem haut bei eis ass, wat beweist, dass Lëtzebuerg an deenen heite Saachen um Radar ass. A mir hunn och guer kee Problem domat, dass mer um Radar sinn, well mir maachen eis Hausaufgab hei gutt!

Wat mer hei ëmsetzen, sinn eng ganz Retsch Dispositiounen. Ech kommen herno kuerz drop zrëck. Mä wat wichteg ass, dat ass, dass mer et éischstens emol zurzäit maachen, dass mer et am Esprit vun der Ëmsetzung maachen, mä dass mer an engems net nëmmen en A drop hunn, Steuerongerechtegkeete wettzemaachen, mä awer och kucken, wat aner Länner maachen, an derfir suergen, dass mer konkurrenzfähig bliwen.

Do gëtt oft gesot, mir misste konkurrenzfähig bleiwe fir eis Finanzplaz, mä et geet doriwwer ewech: Et ass fir eis ganz Wirtschaft, wou mer musse konkurrenzfähig bliwen.

Ech fannen, och no den Diskussiounen an der Commission des Finances, dass mer e richtige Equilibre hei fonnt hunn, och am Dialog. Mir hu vill Optiounen - an den André Bauler, de Rapporteur, huet dat ënnerstrach - wouergeholl, hu se adoptéiert, ob dat elo d'Option B an de Sociétés étrangères contrôlées ass op där enger Säit, ob dat bei der Zinsschranke ass - déi dräi Milliounen, den „safe harbor“ -, ob dat Infrastrukturprojete sinn, och erëm eng kéier bei der Zinsschranke, oder och d'Clause grand-père, „grandfathering clause“, och bei der Zinsschranke.

Mir hunn effektiv eng visibel a wichteg Méiglechkeet, déi vun der Intégration fiscale, net iwwerholl. An ech wëll hei e bëssen driwwer schwätzen, firwat mer dat gemaach hunn. Mir hunn dat gemaach, well mer kucke wollten, wat déi aner Länner maachen, net nëmmen déi direkt Konkurrenten, vun deenen den Deputéierte Mosar geschwat huet, dat heescht Irland an Holland, mä och zum Beispill eis Nopeschlänner. A wann ech mech elo net iren: Frankräich an Däitschland hunn dës Optioun och geholl. An da soen ech mer: Wann esou vill Länner dat maachen, dann ass jo kee Problem, dass Lëtzebuerg dat och mécht.

Nun, wéi séier maache mer déi Saachen? Dat heescht, d'Transpositioun soll een an der Zäit maachen, do si mer eis all eens. Mä wéi solle mer eis och an Zukunft behuelen an deene Saachen? Dat ass eng ganz delikat Geschicht. Well mer justement a Saache Steiere bei ville Länner um Radar sinn, musse mer versichteg sinn.

Dofir sinn ech och frou, dass mer eis dunn eens gi sinn an der Cofibu, elo wou mer wëssen, wat aner Länner gemaach hunn, dass mer soen: „Déi Intégration fiscale schéngt gang und gäbe ze sinn a ville Länner, da ka Lëtzebuerg an da soll Lëtzebuerg dat och maachen.“

Also op deem Punkt sinn ech ganz kloer, ass d'Regierung ganz kloer: Mir wäerten do eppes proposéieren, en Text ausschaffen. Iwwregens ass et ganz vill Aarbecht, well den Droit fiscal iwwerschaaft muss ginn op ville Plazen, fir dat dote méiglech ze maachen. An do hu mer eis elo engagéiert an der Motioun, dass mer eppes wäerte presentéieren.

Wat den zweeten Aspect vun der Motioun ubelaangt, dee vun der Titrisatioun, hu mer eis engagéiert, dass mer dat nach eng kéier analyséieren. Dat ass en extrem komplexe Sujet. An do, muss ech soen, hu mer eis nach net eng definitiv Meenung gemaach. Mä mir wäerten intellektuell, kann ech lech versprechen, dat ganz am Detail kucken an och am Dialog mat alle Partie-prenanten. Dofir freeën ech mech, dass och esou vill Parteien déi Motioun hei ënnerstëtzt hunn.

Wann ech elo nach eng kéier e bëssen op d'Prozedur kucken: De Conseil d'État huet e ganz interessanten Avis geschriwwen mat ville Virschléi, mat ville Kommentaren, hat dräi Opposition-formellen, dat hu mer alles iwwerholl. An ech géif och gären hei begreissen, dass mer dat konnte relativ séier maachen an der Commission des Finances, soudass mer hei an den Delaie sinn.

Mir transposéieren hei siwe Saachen. Dat sinn zum Deel zwou Dispositiounen, déi schonn an eiser Gesetzgebung bestinn. Dat ass d'Imposition à la sortie, op Englesch „exit tax“. Dat hu mer schonn. Do war virgesinn, dass do d'Plus-value konnt relativ laang, fir net ze soen onendlech, net besteiert ginn. Dat gëtt elo reduzéiert op fënnf Joer. An eng Retsch aner Optiounen hu mer do geholl.

Zweetens hu mer d'Clause anti-abus. Dat ass eng ganz wichteg Saach, déi mer scho laang zu Lëtzebuerg gebrauchen, mä déi net am Gesetz esou kloer verankert war. Déi iwwerhuele mer hei, präziséiere mer a moderniséiere mer. Ganz wichteg!

Da sinn dräi Dispositiounen en plus dran, vun deene mer scho geschwat hunn. Dat ass d'Limitt vun der Deduktioun vun den Zësen, d'Zinsschranke, déi mer vum André Bauler gutt erkläert kruten. Ech ginn elo net drop an, mä dat ass eng ganz wichteg Mesure an et ass jo och an där, wou mer déi Intégration fiscale wëlle virgesinn. An dann hu mer d'Mesure vun de Sociétés étrangères contrôlées. An dann hu mer d'Dispositif-hybriden. Dat si fënnf Mesuren, déi mer dran hunn.

Mir hunn awer en plus zwou Mesuren dran, déi wierklech nëmmen indirekt mat der Anti-Tax Avoidance Directive ze dinn hunn. Ech wëll se awer ënnersträichen, well se eppes beweisen, fir déi, déi fannen, dass mer net wäit genuch ginn an der Transparenz, net wäit genuch ginn an der Modernisatioun vun eise fiskalesche Reglementatiounen. Dofir wëll ech soen, dass mer hei profitéieren, fir zwou Saachen ze maachen, well mer hei am Domän vun der Fiskalitéit sinn.

Dat si Changementer an der Notion vum „établissement stable“. Den Établissement stable ass e Kärstéck vum Fonctionnement vun der Betriebsbesteuerung. An am Établissement stable gouf et an der Vergaangenheet eng Retsch Abusen, well een ni wousst, wou den Établissement stable ass. Ass e bei eis zu Lëtzebuerg? Ass en enzwousch anescht an Europa? Ass en an engem Drëttland?

A mir bréngen hei Präzisatiounen, fir ze evitéieren, dass iwwert deem dote Wee d'Besteuerung néierens stattfindet. Ech si ganz frou, dass mer dat haut hei kënnen maachen.

An dat Zweet, dat ass d'Opération d'échange de titres, wat ee virdu komplett steierneutral konnt maachen, dass een dat och agrenzt, soudass eng Besteuerung enzwousch geschéie kann.

En conclusion freeën ech mech iwwert dee breede Konsens, dee mer hei an der Chamber an der Transpositioun vun dëser Direktiv kënnen enregistréieren, iwwert d'Rapiditéit, mat där d'Commission des Finances geschafft huet, iwwert déi Zesummenaarbecht och mat den Oppositionsparteien.

An zum Schluss wëll ech e Wuert iwwert d'Fiskalitéit awer en général soen. Den Deputéierte Mosar huet gesot, dass, well hei eng Verbreederung vun der Steuerbasis erbäigeféiert gëtt, een derfir misst suergen, dass zu Lëtzebuerg den Taux d'affichage soll erfogoen.

Dozou wëll ech zwou Saache soen. Dat Éischt ass, dass effektiv am Koalitiounsprogramm festgehalen ginn ass, dass d'nächst Joer d'Besteuerung ëm 1 % soll erfogoen. An do ass de Kommentar gemaach ginn, dass dat net géif duergoen. Ech mengen, dass mer domat op jidde Fall emol eng gutt Richtung uginn. Ech wëll awer och rappeléieren, dass mer 2017 d'Steiere vun 21 % op 18 % erfogesat hunn. Dat ware jo och 3 %. Dat heescht, mir haten de Wee schonn deemools gewisen, mir weisen en elo dës kéier nach eng kéier. A fir de Rescht mengen ech, soll een dat zu Lëtzebuerg elo ganz gutt monitoren, observéieren, Schrëtt fir Schrëtt, wat dann och den Effet vun dëser Legislatioun op d'Steieren, déi bezuelt ginn, effektiv ass.

Mir hunn 2017 d'Steieren erfogesat vun 21 % op 19 % an dunn op 18 %. An trotzdem sinn d'Steieren, déi vun den Entreprises bezuelt gi sinn 2017, an haut hu mer gesinn, och 2018, an d'Lucht gaangen.

An dofir gëtt et och heizou zwou Schoulen, wat den Impakt ass - an domat wäert ech ofschléissen - vun dëser Direktiv. Bréngt déi manner Steieren era fir Lëtzebuerg oder bréngt se méi Steieren eran?

An net nëmme gëtt et zwou Schoulen, et gëtt zwee Effets contradictoires oder Effets inverses: Wa Lëtzebuerg net méi attraktiv ass, jo da gi verschidde Firmae vu Lëtzebuerg fort an da kréie mer keng Steiere méi. Dat ass dat Negativ. Wa mer awer de gudden Equilibre fannen tëschent der Attraktivitéit an der Ëmsetzung vun den Direktiven, majo da stäerken Entreprises hir Präsenz hei, si setze méi Substanz heihinner an da bezuele se och nach e bësse méi Steieren.

Mir hunn an dësem Projet de loi supposéiert, dass déi zwee Effete sech een deen aneren annulléieren. An dofir hu mer gesot: „En ass budgetsneutral.“ Mä doranner gëtt et keng Wessenschaft an dat kënnen mer warscheinlech an Zukunft besser erausfannen, andeem mer eis vläicht méi Moyene ginn, fir eng Analys ze maachen, wat d'Effete vu verschiddene Mesurén sinn, wat ech och de Moien an der Cofibu annonciéiert hunn.

Ech soen lech villmools Merci fir Äre Soutien.

► **Plusieurs voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Finanzminister Pierre Gramegna. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Här President!

► **Une voix**.- Parole après ministre !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Wagner, wannechgelift!

► **M. David Wagner** (déi Lénk).- Merci, Här President. Merci och, Här Minister, fir d'Antworten. Ech hat just eng Fro gestallt, an op déi ass, mengen ech, net geäntwert ginn. An ech wier awer frou, wann een eng Clarificatioun géif kréien, ob d'Regierung wëlles huet - et ass jo lööblech, datt d'Regierung d'Intérêts notionnels materageholl huet -, mä ob d'Regierung wëlles hätt, an deenen nächste fënnf Joer, jo oder neen, de Prinzip vun Intérêts notionnels anzeféieren. Et ass eng ganz einfach Fro.

Merci.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Gramegna, wannechgelift!

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, Här President, d'Intérêts notionnels stinn net am Koalitiounsprogramm a stinn net um Ordre du jour.

► **Une voix**.- Très bien !

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools. Domadder ass dann d'Diskussioun ofgeschloss.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7318 et dispense du second vote constitutionnel

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7318. Den Text steet am Document parlementaire 7318⁶.

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Duerno d'Votes par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

D'Resultat ass wéi folgt: 57 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen. De Projet de loi 7318 ass da mat 57 Jo-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 7318 est adopté par 58 voix pour et 2 abstentions.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Se sont abstenus : MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Dann hu mer nach d'Motioun. Gëtt et dozou nach Wuertmeldungen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Ass de Vote électronique gefrot?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Jo. Da komme mer zur Ofstëmmung. De Vott fänkt un.

Dës Motioun ass ugehall mat 58 Jo-Stëmmen an 2 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding, MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger, MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer ;

MM. Marc Angel, Dan Biancalana, Alex Bodry, Mme Tess Burton, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, MM. Marc Hansen, Henri Kox, Mme Josée Lorsché, MM. Charles Margue et Roberto Traversini ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ont voté non : MM. Marc Baum et David Wagner.